Mä et ass gekuckt ginn, eppes Ganzes draus ze maachen, eppes Kohärentes draus ze maachen, wou een net herno an dem Léiermaterial, an de Bicher erkennt, datt déi eng Säit vun deem enge Fach kënnt an déi aner Säit vun deem anere Fach, dat eent Kapitel vun deem enge geschriwwe ginn ass an dat anert Kapitel vun engem anere geschriwwe ginn ass.

Selbstverständlech wäert dat neit Schoulfach „Vie et société", dat gëllt fir de Secondaire gradesou wéi duerno fir de Fondamental, sech weiderentwéckelen. Mir ginn et an d'Hänn vun den Enseignanten. Dat heescht, mir schafen eng Programmkommissioun, déi weider wäert dorunner schaffen. Natierlech mussen Evaluatioune gemaach ginn no een, zwee Joer. Natierlech muss och en A drop gehale ginn, wéi dat Fach enseignéiert gëtt.

Ganz besonnesch dofir hu mer och drop insistéiert, datt jiddwereen, deen dat Fach do enseignéiert, egal wat fir eng Basisformatioun datt en huet, egal wat en och virdrun an der ëffentlecher Schoul gemaach huet, eng Weiderbildung wäert mussen absolvéieren, fir an dat Fach hei agefouert ze ginn, well et e ganz neit Fach ass a keen et virdru konnt gesinn. Also muss een dat Neit och entdecken a muss ee begleet ginn doranner. A mir wäerten och am Kontext vun den neie Rekrutementsregele fir de Secondaire, déi, denken ech, hei an enger Woch nach eng Kéier kënnen zur Diskussioun stoen, wou en nächste Projet de loi wäert ugeholl ginn, och hei den Zougang zum Fach oder zum Proff am Secondaire, fir „Vie et société" kënnen ze halen, méi breet maachen.

Haut ass et esou, datt mer an der éischter Phas all déi Enseignanten, all déi Professeren iwwerhuelen, fir dat Fach ze halen, déi Relioun respektiv Moral- a Sozialunterrecht halen. An duerno wäerte mer rekrutéieren op Basis vu Masterdiplomer, déi méi breet gestreet sinn. Do kënnen natierlech Reliounswëssenschaften drënner sinn, respektiv Theologie, Philosophie, Soziologie. An der Regel fanne mer souwisou ganz oft Kombinatioune vun all deenen dote Stréimungen erëm.

Op Basis vun engem Master kann ee sech dann dem Rekrutementsconcours stellen. An do gëtt gepréift, ob een d'Kompetenz huet, fir dat Fach ze enseignéieren, sou wéi mir et eben hei elo definéiert hunn, an da kann een Zougang zu dem Proff fir „Vie et société" kréien.

Dat sinn och nach Elementer, déi, denken ech, net onwichteg sinn, well dat huet jiddweree gesot, deen eis och heibäi begleet huet, datt natierlech de Léierplang ganz wichteg ass, datt d'Léiermaterialie ganz wichteg sinn, mä datt den Encadrement, d'Formatioun vun deenen Akteuren, déi herno an der Schoul dat Fach sollen ëmsetzen, mat ausschlaggebend sinn dofir, fir et och wierklech zu engem Succès ze féieren.

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Minister. Den Här Zeimet huet Parole après ministre.

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- Merci, Här President. Vu datt den Här Minister dat ugeschnidden huet an eppes erëmginn huet, wat mir esou net gesot hunn: Mir hunn net gesot, datt Dir heimadder den Eltere géift de Choix ewechhuelen, ob se hir Kanner kënne reliéis oder net reliéis erzéien. Mir hu gesot...

(Interruptions diverses)

Neen, mir hu gesot, datt mir der Meenung sinn, datt et de Leit, datt et den Elteren hir Responsabilitéit ass ze décidéieren, ob se hir Kanner wëlle reliéis oder net reliéis erzéien, an datt mer dofir der Meenung sinn, datt och eng reliéis Éducatioun an der Schoul muss méiglech sinn. Dat ass awer schonn en Ënnerscheed!

Da weisen ech awer och op Äre Widdersproch hin, wann Der sot, datt Der dat net wéilt ofschafen, wat ech lech och net wëll ënnerstellen, mä Dir sot selwer, d'Kanner sollten alles kenneléieren an dann en eegene Choix kënne maachen. Do gesi mer dann dat vläicht e bëssen aneschters. Mir mengen, op d'mannst soulaang d'Kanner an d'Grondschoul ginn, datt dat d'Responsabilitéit vun den Elteren ass, also och kënnen e Glawen un hir Kanner weiderzeginn.

Da wëll ech just nach eppes derbäisoen, dat ass jo och elo e puermol komm, an och den Här Minister huet nach eng Kéier drop higewisen, op déi Konventiounen, op déi mer jo d'nächst Woch dann ze schwätze kommen, an datt eben d'kathoulesch Kierch hei zougestëmmt hätt, an d'CSV wär dann „méi helleg wéi de Poopst", mengen ech, hat souguer ee gesot.

Ech wëll just drop hiweisen, ech selwer, ech war am Reliounsunterrecht, ech war awer och ee Joer an der Morall. Do ass mä kritesche Geescht och ouni deen neie Cours...

(Brouhaha)

Elo sidd Der erstaunt, ne!

...och ouni deen neie Cours...

Une voix.- Et ass awer net vill hänke bliwwen.

M. Laurent Zeimet *(CSV).*- ...och ouni deen neie Cours esou wäit geformt ginn, dee kritesche Geescht, datt ech och ka mat mengem Bëschof a mat mengem Generalvikar net enger Meenung sinn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruptions et hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Mir sinn um Enn vun eiser Diskussioun ukomm. A mir kënnen...

(Brouhaha général)

Mir kënnen direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6967 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6967 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet de loi 6967 ass mat 32 Jo-Stëmme bei 28 Nee-Stëmmen adoptéiert.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Claude Adam) et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Négation)

Muss ech ofstëmme loossen?

(Assentiment)

Da stëmme mer nach eng Kéier of. Da stëmme mer nach eng Kéier of iwwert d'Dispens vum zweete Vott, wann Dir dat wëllt?

Une voix.- Neen, neen, Här President!

(Interruptions diverses)

(La Chambre accorde la dispense du second vote constitutionnel.)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Okay, Merci, da kënne mer zum nächste Punkt iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6862, bei deem et ëm d'Aféiere vun enger Steier zugonschte vun den Hëllefsdéngschter geet. An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice. Madamm Joëlle Elvinger, Dir hutt d'Wuert.

4. 6862 - Projet de loi portant création d'un impôt dans l'intérêt des services de secours

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

Mme Joëlle Elvinger *(DP), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een u Gesondheet denkt, dann denkt een dacks un Dokteren an u Spideeler. Wann een awer zum Beispill en Accident op der Strooss huet, an dat kënnt leider méi oft vir, wéi mir eis dat wënschen, da muss een emol als Éischt an d'Spidol kommen. Kuerz gesot: Mir brauchen e gutt fonctionnéierend Rettungswiesen. An deem Kader ass jo eng Reform vum Rettungswiesen um Instanzewee an deen neien Asazzenter CNIS zu Gaasperech steet och an de Startlächer.

De Gesetzesprojet, iwwert dee mer op dëser Plaz schwätzen, reit sech an dës Reflexiounen an. Et geet näämlech dorëm, de laangfristege Finanzement vun eisem Rettungswiesen ofzesécheren, andeems eng Steier opgehuewe gëtt op den Haftflichtassurancen op den Autoen. Dës Steier wäert da vum 1. Oktober u gëllen.

Här President, schonn am Joer 1905 huet de Législateur sech der Thematik vum Rettungswiesen ugeholl an de Finanzement vun de Pompjeeën iwwer eng speziell Steier festgehalen.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Duerno gouf dat däitscht Gesetz vum 1. Februar 1939 iwwert déi sougenannten „Feuerschutzsteuer" vu 4% am Joer 1941 duerch eng Ordonnance an eis Gesetzgebung iwwerdroen.

Et handelt sech hei ëm zwee Gesetzer mam selwechten Zil - d'Fixatioun an d'Repartitioun vun der Steier -, déi gläichzäiteg applikabel sinn, wat net optimal ass, wat d'Sécurité juridique an d'Transparenz ugeet. Et ass eng Steier, déi op de Feierversécherungen ufält an déi dofir geduecht ass, fir d'Käschte vun de Pompjeesasätz ze decken.

Den 11. November 1984 ass dunn een eenzegt Gesetz gestëmmt ginn iwwert d'Steier fir d'Services d'incendie. 1985 ass dës Steier du vu 4% op 6% vum Total vun den Assurancëprimmen op der Feierversécherung op Gidder, déi zu Lëtzebuerg lokaliséiert sinn, gehuewe ginn, dat, well d'Käschte weider gewuess sinn an d'Asazmaterial mat der Zäit ëmmer méi performant ginn ass.

Dës Ofgab war awer bis elo nëmme geduecht, fir d'Pompjeeswiesen ze finanzéieren. D'Protection civile, déi eréischt nom Zweete Weltkrich gegrënnt ginn ass, gëtt also aus historesche Grënn net iwwert dëst Gesetz finanzéiert.

D'Protection civile ass awer haut och e wichtegen Akteur um Terrain, deen nobele Missiounen nokënnt an dee mir alleguerten ze schätze wëssen. Mir wëssen awer haut unhand vu genaue Chifferen, dass d'Akteuren um Terrain meeschtens wéinst anere Mëssstänn wéi Feier an den Asaz mussen. 2013 goufen et 13.500 Interventiounen iwwert d'Land an net emol 20% dovunner ware wéinst engem Brand.

Eng grouss Zuel vun den Asätz sinn duerch den Autosverkéier verursaacht. Oft handelt et sech ëm Autosaccidenter oder och emol ëm Fäll, an deenen Uelech op der Strooss ausgelaf ass. D'Zuele beleeën, dass d'Rettungsdéngschter hautdesdaags ganz vill aner Interventioune maache wéi just nëmme Bränn läschen.

An un engem performanten, multifunktionelle Rettungsdéngscht, do si mir eis all eens, dierf net gespuert ginn. Dee musse mir eis eppes kaschte loossen. An et ass och richteg, dass een dës Steier da bei den Autosassurancen usetzt, wann ee bedenkt, wéi vill Asätz vum Rettungswiese leider op eise Stroosse musse gemaach ginn.

An deem Sënn gëtt vum 1. Oktober 2016 un eng Steier am Intérêt vun de Rettungsdéngschter agefouert, déi äänlech opgebaut ass wéi d'Steier am Intérêt vun de Pompjeesservicer. Et handelt sech hei ëm e Montant, deen all Assureur bezuele muss, deen Assurances responsabilité civile op den Autoe verkeeft, an zwar mat engem Taux vun 3% vun den émettéierte Primmen.

Verschidden Avisen haten drop higewisen, dass d'Assurancëgesellschaften hire Manque à gagner kéinte fréier oder spéider op hir Clientë weiderginn, dat heescht op d'Bénéficiairë vun dëser Reform. Dëst war awer a kengster Weis d'Intentioun vum Législateur. Fir den Detail vun allen Avise verweisen ech op mäi schréftleche Rapport, dee jo den 1. Juli dëst Joer an der Cofibu ugeholl ginn ass.

Madamm Presidentin, wann ee vun engem gesamte Montant vun 187 Milliounen, dat sinn d'Statec-Zuele vun 2011, un Assurancëprimmen op der Autoshaftflicht ausgeet, kéimen duerch dëst Gesetz zousätzlech 5,6 Milliounen an d'Statskeesen, fir d'Rettungsdéngschter ze finanzéieren.

Sécherlech wär et sënnvoll gewiescht, wann dëse Gesetzesprojet hätt kënnen zesumme mam Projet de loi iwwert d'Reform vum Rettungswiesen hei an der Chamber gestëmmt ginn, also dem Projet de loi 6861 portant organisation de la sécurité civile et création d'un corps grand-ducal d'incendie et de secours. Leider huet de Statsrot dëse Projet de loi, deen awer schonn den 18. August 2015 déposéiert ginn ass, also genau een Dag no deem Projet de loi, iwwert dee mer hei wäerten ofstëmmen, nach ëmmer net aviséiert.

Madamm Presidentin, loosst mech ofschléissend bemierken, dass ech iwwerzeegt sinn, dass d'Sue fir e méi performant Rettungswiese méi wéi gutt investéiert sinn. D'Reform vum Rettungswiese wäert e Qualitéitssprong vun eisen Noutdéngschter mat sech brëngen. Haut schafe mir d'Basis, fir dass dëse Qualitéitssprong och laangfristeg finanziell ofgeséchert gëtt.

An dofir ginn ech dann och den Accord vun der DP-Fraktioun an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci der Madamm Rapporteur Joëlle Elvinger. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV).*- Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'Éischt der Rapportrice, dem Joëlle Elvinger, Merci fir hire schréftlechen a mëndleche Bericht. Si huet et richteg gesot: Mat dësem Gesetzesprojet féiere mer eng nei Spezialsteier vun 3% op de Primme vun den Autosassurancen oder villméi den Autoshaftflichten an. Den Zweck ass de Finanzement vun de Rettungsdéngschter an déi geschate Recette fir de Stat, déi läit bei 5,5 Milliounen Euro pro Joer.

Eischtens, ech wëll et nach eng Kéier widderhuelen: D'CSV steet fir e performante Rettungsdéngscht. Mir wäerten och déi Initiativen an Zukunft ënnerstëtzen, déi d'Rettungsdéngschter am Generelle sollen an hirem Funktionement optimiséieren.

D'CSV erkennt och ausdrécklech d'Aarbecht vun de Secouristen un, deene professionellen, mä och deene bénévollen, well, wat ee muss wëssen: Déi Rettungsdéngschter, déi hunn oft net nëmme physesch schwéier Aufgaben, mä och psychesch schwéier Aufgaben, wa se zum Beispill op der Strooss stinn, bei engem Accident intervenéieren, wou et Verletzter oder souguer Doudeger ginn.

Dat verhënnert awer net, dass d'CSV géint d'Aféierung vun dëser Spezialsteier ass. Iwwregens komme sämtlech Beruffschamberen, déi en Avis zu dësem Gesetzesprojet ginn hunn, zu därselwechter Konklusioun, an ech muss och soen: De Statsrot huet e ganz kriteschen Avis, deen och juristesch fondéiert ass, zu dësem Projet de loi ofginn.

Fir d'CSV ass de Rettungsdéngscht en ëffentleche Service, e Service public vum Stat a vun de Gemengen. An duerfir si mir der Meenung, dass de Finanzement dovunner och dem Statsbudget oder méi generell der ëffentlecher Hand ënnerläit, mä sécherlech net enger zweckgebonnener Spezialsteier. Och wann dës Spezialsteier formell wuel an d'Statskeess fléisst, ass et dach eng camoufléiert Mehreinnam, zwar mat engem nobelen Zweck, wéi d'Madamm Elvinger et virdrun ënnerstrach huet, mä de Bierger wäert herno awer letztendlech d'Käschten dovunner droen. A mir kënnen net all nobelem Zweck eng nei Spezialsteier zouerdnen.

Zweetens, dës Spezialsteier ass dach an der budgetärer Regierungslogik e bësse schwéier novollzéibar. 2013/2014 ass dës Regierung ugetrueden, fir, no hiren eegenen Aussoen, d'Land missen aus enger desastréiser Finanzlag ze retten. Dass virdrun d'Land ënner enger weltwäiter Wirtschaftskris gelidden huet, dass systemesch Banken, anerer wéi déi, wou de fréiere Wirtschaftsminister sollt eventuell President ginn, hu misse gerett ginn, dass Dausende vun Aarbechtsplazen domadder awer och konnten assuréiert ginn, an net nëmmen op der Finanzplaz, an dass virun allem Kleng- a Mëttelbetriber d'Faillite konnten évitéieren, dat gëtt leider oft haut vergiess.

D'Regierung huet dunn 2014 e grousse Spuerpak ugekënnegt an et sollt wuel och nach eng Steierreform kommen. Am Hierscht 2015, du war se nach budgetsneutral. Méi Spillraum wier net do, an all aneres, dat wier Utopie. An elo - oh Wonner! - ee Spuerpak, deen emol net zu engem Drëttel reell applizéiert ass, dee mécht elo de finanzpoliteschen Himmel erëm blo. Domat goufen, der Regierung no, d'Statsfinanzen elo gerett. An et ass och elo op eemol Sputt fir d'Regierung fir eng gréisser Entlaaschtung bei der Steierreform, dat fannen ech perséinlech och net schlecht, mä, wéi gesot, am Hierscht d'lescht Joer, also virun net allze laanger Zäit, sollt dës ganz Steierreform nach budgetär neutral sinn.

An elo gëtt et eng Steierreform, et kommen aner Entlaaschtungen, mä d'Autofuerer, déi gi parallell nach mat enger neier Spezialsteier belaangt, fir 5,5 Milliounen Euro, an zwar fir de Finanzement vun de Rettungsdéngschter mat ze assuréieren. Verstéi dat wie wëllt!

Ech muss och soen, Här Finanzminister, wéi Der de Budget 2016 virgestallt hutt, do hutt

Der hei op der Tribün de 14. Oktober gesot: „Well d'Koalitioun schonn d'lescht Joer d'Weiche richteg gestallt huet, wäert et 2016 keng nei Belaaschtunge ginn. Au contraire: De Stat wäert 4,8% méi ausginn an 293 Milliounen Euro", 293 Milliounen Euro!, „méi investéiere wéi nach d'Joer virdrun." 293 Milliounen Euro am Verglach zu 5,5 Milliounen, Objet vun dësem Projet!

De Stat huet also der Regierung no méi Suen, mä fir d'Reorganisatioun vun de Rettungsdéngschter muss elo eng nei Steier awer agefouert ginn.

Drëttens, formell sinn den Débiteur vun där Steier wuel d'Assurancëgesellschaften. Et steet och esou an dem Projet de loi. Mä praktesch wäert herno awer deen eenzelnen Automobilist bezuelen.

Fir d'Regierung mussen d'Benotzer vun de Stroosseninfrastrukture fir de Finanzement vun de Rettungsdéngschter opkommen, well de Gros vun den Asätz op Autosaccidenter zréckzeféiere wier.

Dës Konklusioun, muss ech awer soen, déi ass esou net richteg! An dat geet och aus dem Exposé des motifs vun dem Projet de loi, sou wéi d'Regierung en déposéiert huet, eraus. Well op 13.500 Rettungsasätz, de Chiffer ass virdru vun der Madamm Elvinger genannt ginn, aus dem Joer 2013, ginn der 2.300 op klassesch, ech soen, Pompjeesasätz, dat heescht Läschasätz, ronn 4.400 Asätz ginn op Autosaccidenter an iwwer 6.800 aner Asätz si sougenannt „technesch Interventiounen".

D'Halschent vun den Interventioune vun de Rettungsdéngschter huet deemno absolutt näischt domat ze dinn, oder jiddefalls net mat deem Zweck, fir deen d'Regierung dës nei Spezialsteier wëllt aféieren. An nawell, muss ech soen, genéiert d'Regierung sech eigentlech net, am Exposé des motifs vun dem Gesetzesprojet Folgendes ze schreiwen:...

M. Roy Reding *(ADR).-* Guer keng Schimmt!

M. Gilles Roth *(CSV).-* «Chaque automobiliste s'attend de façon légitime qu'en cas d'accident, il ou elle», et si jo och Fraen, déi mam Auto fueren, «reçoit des secours rapides et efficaces. Ainsi, les autorités publiques doivent tenir à disposition en permanence un service de sauvetage performant qui engendre des coûts même en l'absence d'interventions, ce qui justifie que tout utilisateur des infrastructures participe au financement de ce service.» Wéi gesot, texto an dem Exposé des motifs.

Mä, Dir Dammen an Dir Hären, op de Lëtzebuerger Stroossen, do fueren awer net nëmme Leit, déi enger obligatorescher Lëtzebuerger Autoshaftflicht ënnerleien. A 25% vun den Autosaccidenter hei am Land sinn auslännesch Gefierer dran implizéiert. Mä déi nei Steier, déi wäert an Zukunft ausschliisslech bezuelt gi vu Leit, déi hei wunnen an hei schaffen.

Eng Assurancëgesellschaft, déi am Ausland etabléiert ass, gëtt an der Regel net zur Keess gebieden. Dat ass fir d'CSV eng Discrimination à rebours, also e latente Verstouss géint de Gläichheetsprinzip, an de Statsrot a sengem Avis féiert dat och un.

A vun de Rettungsdéngschter hiren Asätz profitéieren och net nëmmen Automobilisten! Och e Vëlosfuerer, e Foussgänger, aner Benotzer vun de Stroosseninfrastrukturen sinn emol an Accidenter verwéckelt! Mä déi nei Spezialsteier gëtt nëmmen op den Autoshaftflichten opgehuewen. Den Autofuerer, dee bezilt an Zukunft direkt oder indirekt deemno déi nei Spezialsteier, a bei engem Accident bezilt hien, d'Krankekeess oder d'Assurance - jee nodeem, wie responsabel ass - dann och nach eng Kéier d'Fraisë vun dem Ambulanzasaz.

Véiertens, oft gëtt d'Feierschutzsteier dann aus dem Joer 1939 beméit, fir déi nei Spezialsteier fir d'Rettungsdéngschter ze begrënnen. Mä d'Feierschutzsteier gëtt vu jiddwerengem bezuelt, an och vun deem, deen am Ausland wunnt, deen hei eng Immobilie am Land huet a se och géint de Brandschutz verséchert.

Dëst ass awer net de Fall bei der neier Spezialsteier, déi ausschliisslech vun de Leit bezuelt gëtt op Lëtzebuerger Assurancen. An d'Feierschutzsteier, déi gëtt och nëmme vun deem bezuelt, dee fakultativ eng Assurance incendie ofschléisst, well eng Assurance incendie muss een net obligatoresch hunn op engem Haus - d'Leit si wuelberoden, fir et ze hunn, mä net jiddweree muss et hunn - an eng Autoshaftflicht, déi ass obligatoresch fir jiddwereen, deen en Auto fiert.

Fënneftens, dass am Endeffekt d'Leit, déi hei am Land Autosassurancë bezuelen, och fir déi nei Spezialsteier mussen opkommen, ass eigentlech doduerch beluecht, dass laut sektorielle Reglementéierungen d'Assurancëgesellschafte fir déi eenzel Versécherungsbranchen eigentlech net kënnen defizitär sinn. Mä laut de Berechnunge vun der Chambre de Commerce, a si féiert och souwuel de Prinzip wéi och de Montant vun dem Defizit an hirem Avis ausdrécklech un, gouf et am Joer 2014 an dem Assurancësecteur um Niveau vun den Autoshaftflichten en Defizit vun zéng Milliounen Euro. Den Automobilist wäert deemno an Zukunft sécherlech mat méi héije Primme musse rechnen, schonn eleng wéinst der Augmentatioun vun der TVA, déi geet jo och vu 15% op 17% an d'Luucht. Dat heescht, wann ech mäin Auto an d'Reparatur féieren, da gëtt automatesch d'Reparatur natierlech doduerch méi deier, an zweetens wäert dann déi zousätzlech Spezialsteier hei och nach op d'Primmen dropgeschloe ginn.

Madamm President, aus all deene Grënn, déi iwwregens och, ech widderhuelen et nach eng Kéier, unisono vu sämtleche Chambre-professionnellë gedeelt ginn, déi en Avis dozou ofginn hunn, an och zum groussen Deel kritesch vun dem Avis vun dem Statsrot begutacht gi sinn, wäert d'CSV dëse Gesetzesprojet net stëmmen.

Mir wäerte géint dëse Gesetzesprojet stëmmen, an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Merci dem Här Roth. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Haagen *(LSAP).-* Merci, Madamm Presidentin. Als Éischt géif ech gär der Rapportrice, der Madamm Elvinger, villmools Merci soe fir hire gudde schréftlechen a mëndleche Rapport. Ech géif soen, déi meescht technesch a finanziell Elementer goufen elo scho gesot. Ech wäert kuerz drop agoen a mech am Kär op d'Grënn fokusséieren, firwat dës Steier vun 3% bei der Autoshaftflichtversécherung opgehuewe gëtt.

Den historesche Kontext mam Gesetz vum 22. Abrëll 1905 an duerno mam Feierschutzsteiergesetz vun 1939 an 1985 gouf schonn in extenso vu menge Virriedner erkläert. D'Feierschutzsteiergesetz ass nach ëmmer a Kraaft. An aktuell gi 6% op de Primme vun der Feierversécherung fir d'Pompjeeën opgehuewen.

Eng Steier fir d'Finanzéierung vun der Protection civile, déi eréischt nom Zweete Weltkrich kreéiert ginn ass, war deemools net virgesinn. Dës Steier gëtt opgehuewen, fir deels - ech betounen „deels" - den nationale Corps fir d'Rettungsdéngschter, de sougenannte CGDIS, de Corps grand-ducal d'incendie et de secours, ze finanzéieren. D'Schafe vun dësem Corps ass grad an der legislativer Prozedur mam Projet de loi 6861, och dat huet d'Rapportrice schonn ugekënnegt. Mat dësem Projet de loi wëllt d'Regierung also deen nationale Corps fir d'Rettungsdéngschter, d'Feierbekämpfung a Rettungsmissiounen an d'Organisatioun vun der Sécurité civile professionaliséieren a vereenheetlechen. Do ginn also Synergië geschaaft.

Aktuell, och dat ass scho gesot ginn, waarde mer ronn bal ee Joer op den Avis zu dësem Projet de loi vum Statsrot. Ech ginn hei awer op dee Projet de loi an, well déi zwee Projet-deloien am Sënn vun der Sécherheet, der Hëllefs- a Gesondheetsgarantie vun eise Bierger uneneenhänken.

D'Fro ass: Wat bréngt dës Reorganisatioun vun de Rettungsdéngschter an der Sécurité civile fir de Bierger?

Fir d'Alleréischt muss ee scho soen, dass scho ganz laang a kontrovers, och schonn an deem Haus hei an och dobaussen, iwwert d'Lëtzebuerger Rettungswiese geschwat an diskutéiert gëtt. Den aktuellen Innenminister ass amgaangen - endlech, muss ee soen -, dës Reform definitiv unzepaken an ëmzesetzen. An dat ass eng laang Fuerderung, net nëmme vun de Leit vum Terrain, mä ech denken, och eng Fuerderung am Intérêt vun alle Bierger.

D'Zuele vun den Interventiounen, déi hei scho genannt gi sinn, vun de Rettungsdéngschter hunn an deene leschte Joren d'Tendenz ze steigen, klammen ëmmer weider no uewen. Natierlech ass dës Augmentatioun och bedéngt duerch déi stänneg Steigerung vun der Unzuel vun neie Bierger an - ech denken, dat ass dat och, op wat den Här Roth och ugespillt huet - vun de Pendler, déi am Moment ëm déi 170.000 hei sinn an déi an d'Land schaffe kommen.

Vill ze laang, muss ee soen, ass an dësem Dossier näischt ëmgesat ginn, och wa vill diskutéiert ginn ass. Schlussendlech gëtt et elo ugepaakt.

Mir hunn aktuell hei am Lëtzebuerger Land ëm déi 7.000 Bénévollen, fräiwëlleg Pompjeeën a Bénévolle vun de Protection-civile-Unitéiten abegraff. An d'Tendenz vun neie Bénévollen ass zënter deene leschten zéng Joer negativ. Et ginn ëmmer manner Bénévollen, déi sech mellen, déi sech bereet erklären, hir Fräizäit fir den Zweck vun der Allgemengheet ze opferen, an dat obwuel d'Asätz ëmmer méi heefeg ginn. Mir erliewen eng Baisse an deene leschten zéng Joer vu ronn 30%. Och dat soll eis nieft de finanziellen Aspekter ze denke ginn.

Mir wëssen, datt et bei Autosaccidenter, awer och bei aneren Asätz vun de Rettungsdéngschter op all Sekonn fir déi Betraffen ukënnt.

Mat der Reorganisatioun vun de Rettungsdéngschter, wou och d'Pompjeeë vun der Gemeng Lëtzebuerg an och d'Rettungsdéngschter vum Fluchhafen integréiert ginn, sollen ënner anerem folgend Verbesserunge kommen: d'Opstellunge vun deene verschiddenen Direktiounen, mam SAMU, dann d'Formatioun vum Rettungsdéngschtpersonal. Dofir soll den Institut national de formation des secours, den INFS, zoustänneg sinn. Am INFS wäerten Haaptberufflecher a Bénévolle weider ausgebilt a professionaliséiert ginn. D'Formatioun soll op engem héijen Niveau sinn a si soll professionell sinn. Ech denken, dat ass och dat, wat mer wëllen, mat Verbindung mam Bénévolat, an dat soll no de Règles de l'art applizéiert ginn an och polyvalent sinn. Den héijen Niveau, wéi bei de Beruffspompjeeën, soll bleiwen a soll weider gefuerdert ginn.

Mir hunn hei an der Chamber schonn d'Gesetz iwwert de CNIS, de Centre national d'incendie et de secours, gestëmmt, dee beim Rond-point Gluck gebaut gëtt. Dat ass och e wichtegt Element vun der Professionalitéit a vun de Synergien, wat d'Rettungswiesen ubelaangt.

De Beräich vun der operationeller an territorialer Organisatioun: Hei gëtt de Principe, an dat ass nach net ugeschwat ginn, vun der Égalité de traitement des citoyens face aux risques, also datt all Bierger Usproch op déiselwecht Hëllefskonditiounen huet an och dorobber kann zréckgräifen, dëse Prinzip soll garantéiert ginn. Sou soll jiddwereen am Land bannent 15 Minutten erreecht kënne ginn an et solle véier Rettungszonen ageriicht ginn: Norden, Osten, Süden, Westen. A genau dëst ass d'Haaptargument vun der Aféierung vun dëser Steier. D'Finanzéierung vum Rettungswiesen déngt der gesondheetlecher Ofsécherung vun all eisen Awunner, vun alle Leit, déi sech a Lëtzebuerg ophalen.

Elo zu de Mesuren, déi ech och gär géif opzielen, zum Bénévolat, dat aktuell ronn 95% vum Effectif vum Rettungsdéngscht ausmécht an ouni dat mer net auskéimen:

- fir d'Éischt d'Introductiou, déi méiglech Introductiou an deem Projet de loi, dee jo dann nach eng Kéier kënnt, vun enger Indemnitéit fir d'Bénévollen, baséierend op dem Prinzip vun den Indemnitéiten, déi bei Gardestonnen ausbezuelt ginn;

- d'Méiglechkeet fir d'Bénévollen - an dat ass wichteg an deem Kontext, wat den Här Roth ugeschwat huet a puncto Ophiewe vun der Steier bei den Assurancen -, d'Méiglechkeet fir d'Bénévollen also, eng zousätzlech Pensioun oder eng Zousazkrankeversécherung ze huelen, déi och vum CGDIS dann zu 50% rembourséiert gëtt,

- an eng Allokatioun schlussendlech fir d'Unerkennung vum Bénévolat no verschiddene Konditiounen.

Fir de Finanzement vun deem CGDIS ass also och virgesinn, nieft anere Moyens de financement, eben déi Steier vun 3%, déi op der Autohaftflicht wäert erfalen.

Madamm Presidentin, sou wéi den Innenminister Dan Kersch dat schonn ëffentlech gesot huet, wier d'Regierung net frou, an d'Rapportrice huet dat och gesot, wann déi Augmentatioun vun den Assurancëgesellschafte weider un de Client gereecht géif ginn.

Wat elo d'direkt Bezéie vun der Steier ugeet, datt se zweckgebonnen ass, do denken ech, datt mer och an aneren Domänen, notamment och an der Ëmwelt, zweckgebonne Steieren hunn. Mir brauche just un den Diesel ze denken.

Den Assurancësecteur soll dës Steier net als Argument huelen, fir d'Erhéijung un d'Clientë weiderzeginn. Wann dat näämlech de Fall wier, da misst ee sech och eng Kéier domat auserneesetzen, firwat datt déi Augmentatiounen an deene leschte Joren da komm sinn, déi zwar begrënnt ware mat verschiddenen Argumenter. Et misst een awer och dann erklären, wéi déi all Kéiers géifen applizéiert ginn an och verrechent ginn, an och, wat ganz einfach d'Begrënnung dovun ass.

Mir géife mengen, datt d'Assurancë vun deem neien a bessere Service voll wäerte profitéieren. An deem Kontext mécht d'Regierung och weiderhi Sensibilitéit an Opklärungscampagnen, fir d'Leit op d'Geforen hinzeweisen. Och dëst ass preventiv, a mir hoffen alleguer, datt mer doduerch och manner Accidenter kréien.

Dir Dammen an Dir Hären, duerch déi Verbesserungen, déi de Bénévollen an Aussiicht gestallt ginn, wäerten d'Assurancëgesellschaften, an dat hunn ech scho gesot, nei Kontrakter kréien, also Primmen akasséieren, ob dat fir eng Zousazpensioun oder eng Zousazkrankeversécherung ass. Do leet de Stat 50% fir déi Bénévole dann och bäi, déi déi zréckkréien.

Ech erënneren och drun, datt d'Regierung nieft aneren Efforten, déi se mécht, och notamment am Kader vun der Steierreform, datt d'Regierung also och ideal Schaffbedéngunge gesat huet an datt déi 3%, déi d'Assurancen hei missten ofginn, och nëmmen e klenge Brochdeel vun hiren Einnamen ausmaachen. Et ass ganz einfach e solidareschen Effort vun allen Akteuren néideg am Intérêt vun eis alleguerten. Et ass also op allen Niveauen eng Verknäppung vun all dësen Akteuren: dem Stat, de Gemengen, den Assurancëgesellschaften an de Bierger.

Dofir begréisse mir als LSAP och dëst Gesetz an och d'Reform am Rettungswiesen. An ech ginn heimadder den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Merci, Här Haagen. Als nächste Riedner hunn ech den Här Henri Kox. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

M. Henri Kox *(déi gréng).-* Merci, Madamm Presidentin. Ech wëll dann all de Virriedner schonn hei Merci soen, och der Rapportrice. Et ass jo scho villes elo gesot ginn. Et stelle sech u sech zwou Froen, déi och vum Mandataire vun der CSV opgeworf gi sinn. Et ass, éischtens: Kënne mer eng Steier, eng Spezialsteier hei ophiewen? An zweetens, e bëssen de Pollueur-payeur-Prinzip, ob deen och gëllt an ob dat och den Nutznießer ass, deen dann déi Steier bezilt.

Vläicht ass et awer wichteg, och nach eng Kéier op dat Gesetz, wat mäi Virriedner hei scho méi ausféierlech duergestallt huet, zréckzekommen. Effektiv si mer amgaang, eng Fusioun ze maachen e bësse vun der Protection civile, déi dem Stat ënnersteet, an de Pompjeeën, déi de Gemengen ënnerstinn. Et ass eng wichteg Reform, dat ass scho gesot ginn. A mir ënnerstëtzen déi och als Gréng ganz vehement, an et ass och ganz wichteg, dass déi kënnt, dass dee Corps grand-ducal dann och en héije Professionalismus soll kréien, dass en effikass soll sinn an dass natierlech och domadder sollen e bësse Synergië geschafe ginn tëschent deem enge Corps an deem anere Corps. An dass dann domadder och Käschte kënnen agespuert ginn, ass selbstverständlech.

Mir brauchen dee Corps. Dee baséiert op dem Professionalismus, op Professionellen, awer, an dat wëll ech awer och hei och vun deene Grëngen aus betounen: De Bénévolat wäert och an Zukunft e ganz wichtegt Element an deem neie Corps sinn. An ouni dee wäerte mer dat och net schëllere kënnen.

Am Projet de loi, dee virdru genannt ginn ass, den 6861, mat deem de Corps grand-ducal soll entstoen, stinn haut Käschten, déi bei 60 Millioune genannt ginn. Dat sinn déi Käschten, déi haut gebraucht ginn. Am Gesetzesprojet stinn déi do dran, wëssend, dass dee Corps awer elo wäert wuessen. Also gi mer dovun aus, dass dat an Zukunft och méi wéi déi 60 Millioune wäert kaschten, an dofir: Wa mer déi Bénévollen net hätten, da géif et nach vill méi kaschten!

Dofir vun dëser Plaz - ech mengen, d'Virriedner hunn dat och gesot - en décke Merci un all déi, déi dat all Dag maachen.

Et huet een Ausgaben also an da brauch een natierlech Einnamen. An an deem Gesetzesprojet stinn eng ganz Abberzuel vun Einnamequellen, fir eben deen neie Corps ze finanzéieren. An ech nennen der just e puer aus där Opzielung. Dat ass eng Kéier déi TVA-Erhéijung, déi mer gemaach hunn. Do ass jo een Deel, deen net bei d'Gemenge geet, mä deen elo an dee Corps geet. Et ass iwwert d'Recetten duerch Prestatiounen, well och d'Pompjeescorpsen a menger Gemeng oder an de Gemenge maachen haut Prestatioune, déi vun de Biergerinnen an de Bierger musse bezuelt ginn. Dann ass eng Recette natierlech d'Kontributioun aus dem Budget communal an aus deem vum Stat, Donatiounen, Lokatiounen an esou weider, an dann, wéi gesot, elo déi lescht Steier, déi mer haut u sech debattéieren, dat sinn déi 3% vun den Assureure vun der Autossteier.

An dat sinn, wann een deene Rechnungen elo ka gleewen a wéi och haut scho gesot ginn ass, 5,6 Milliounen. Dat maachen u sech op de Stand vun haut knapps 10% dann aus vun deem ganzen Dëppen. Dat muss een och

vläicht soen, dass dat net ausschliisslech vun den Autofuerer dann elo bezuelt gëtt, mä et ass e klenge Bäitrag, deen haut net grad 10% ausmécht, an zukünfteg, wann de gesamte Montant vun där Reform bis steet, wäert dat héchstwahrscheinlech nach manner ausmaachen.

Also, fir eis aus grénger Siicht ass et duerchaus vertrietbar, dass een eng speziell Steier ka maachen, an et ass och scho virdru gesot ginn, déi baséiert jo och e bëssen op deem Prinzip vun der Feuerschutzsteier, déi deemools '39 agefouert gouf. Mir kënnen u sech dat och guttheeschen a mir ënnerstëtzen dat och. An d'Feierschutzsteier haut läit bei dräi bis véier Milliounen. Dat läit an deemselwechten Tarage da wéi praktesch déi nei Steier, déi dann dëst Joer wäert opgehuewe ginn.

Da vläicht just zu där Fro, well och déi opgeworf gouf, vum Pollueur-payeur. Ech hunn dann emol bei eis an der Gemeng nogefrot, wéi vill Asätz dann eise Corps huet. Beim Pompjeescorps, eleng dem Pompjeescorps, deen u sech gegrënnt gi war deemools fir éischter Incidenten, also fir méi Feierschutz ze maachen, do muss een awer feststellen, dass vun deenen 107 Asätz vum leschte Joer 72 Stroossenasätz waren. Dat heescht also, meng Feierschutzversécherung, déi ech haut scho bezuelen, bezuelen ech schonn zu engem gudden Deel - näämlech dat sinn dann dräi Véierels vun deenen Asätz vu menge Pompjeeën - fir de Stroosseverkéier, fir dee ginn déi praktesch schonn investéiert, fir natierlech do Éischt Hëllef ze leeschten. An et ass och wichteg an och ganz néideg, dass dat duerchgefouert gëtt.

An dann den zweete Punkt, dat ass nach déi aner Statistik, dat ass déi vun den…, elo kommen ech net drop. Wéi heesche se? Ech hu mer et net opgeschriwwen. Et ass net de SAMU, mä et ass den...

Une voix.- Sauvetage!

M. Henri Kox *(déi gréng).-* Sauvetage! Merci fir den Numm. De Sauvetage an der Statioun Réimech, deen hat 172 Asätz an dovunner waren der och 64 am Stroosseberäich. Also d'Halschent praktesch vun den Asätz ginn an den allgemenge Verkéier, Stroosseverkéier meeschtens.

De Bäitrag, dee mer duerch déi Steier hei ophiewen, wäert an der Héicht 10% elo ausmaachen. De Pollueur-payeur-Prinzip, mengen ech, ass domadder méi wéi erfëllt, jiddefalls vun där negativer Säit, näämlech en zitt méi eraus, wéi e praktesch abezilt. Ech denken, dass et alles an allem wichteg ass, dass mer e finanzkräftege Corps do kréien, dee seng wichteg Asätz dobausse ka vollzéien.

Dofir kënne mer bei dësem Gesetz nëmmen zoustëmmen, an ech hoffen, dass dat anert Gesetz elo séier vum Statsrot aviséiert gëtt, fir dass awer och d'Attenten dobaussen - an dat ass ganz wichteg -, déi ganz grouss si bei de Corpsen, fir dass déi och kënne séier ëmgesat ginn.

Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Merci dem Här Kox. Als nächste Riedner ass ageschriwwen den Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

M. Roy Reding *(ADR).-* Merci, Madamm, a Merci, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Ma gär geschitt!

M. Roy Reding *(ADR).-* Ech wollt eiser Rapportrice haut félicitéieren. Merci gesot krut se schonn oft genuch. Si huet et fäerdegbruecht, fir sämtlech Avisen ze verbrämen. Am mëndleche Rapport huet se se net ernimmt. Si huet op hiren - ganz verschimmt! -, op hire schréftleche Rapport verwisen. An am schréftleche Rapport sinn net d'Konklusioune vun deenen Avisen dran. Ech wëll déi dann awer net verheemlechen. Ech mengen, ech hunn nach ni zu engem Gesetzesprojet geschwat, wou sämtlech Avisen negativ waren!

D'Chambre des Salariés seet: «Elle se prononce contre le projet de loi.» De Conseil d'État seet: «…ne peut pas approuver le principe même du projet sous avis.» D'Chambre de Commerce seet: «…n'est pas en mesure d'approuver le projet de loi». An haut seet d'ULC, de Konsumenteschutz, dat wier eppes, „wo der Endverbraucher wieder mal zur Kasse gebeten wird". An dat ass d'Wourecht!

De Konsumenteschutz mécht dann nach dee ganz fromme Wonsch, déi 5,6 Milliounen, déi hei géifen erageholl ginn, sollten net op de Consommateur ofgewälzt ginn. Dozou muss ee wëssen, an d'Chambre de Commerce huet dat gesot an hirem Avis, datt d'Branche d'assurance, déi hei concernéiert ass, schonn 2014 eng technesch Perte gemaach huet vun zéng Milliounen. Or ass et gesetzlech verbueden, datt eng Assurancëbranche Perte mécht. Wann d'Perte also méi grouss gëtt, gëtt se nécessairement ofgewälzt op de Konsument. Dat sollen d'Leit wëssen, dat ass d'Wourecht.

Och mir als ADR si géint dëse Projet, an zwar fundamental aus dräi Grënn. Den éischte Grond ass e prinzipiellen. Et gëtt e Prinzip vun de Finances publiques, dee seet: Non-affectation vun engem Revenu. E Revenu fiscal soll net enger determinéierter Dépense affektéiert ginn. Dat ass e grousse juristesche Prinzip, mä et ass net wéinst dem juristesche Prinzip, wou een et muss gutthalen.

Firwat ass dat esou? Firwat gëtt et dee Prinzip? Et ass kee juristescht Geschwafels. Et geet drëm, datt de Stat net soll kënne camouflëieren, wann e Charge-fiscallen eropsetzt. A genau dat geschitt hei, an d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet dat klipp a kloer gesot: «Les impôts spéciaux [peuvent] camoufler une augmentation de la charge fiscale des contribuables.» Dat ass dat, wat hei geschitt, a soss guer näischt!

Zweetens ass de Räsonnement, deen hei gefouert gëtt, firwat datt een eng Spezialtax aféiert, ganz einfach farfelu. Ech sinn dem Här Kox extrem dankbar, datt e gesot huet: „le principe pollueur-payeur". Hei gëtt gesot: „32% vun den Interventioune ginn op Verkéiersaccidenter zréck, also taxéiere mer…", oder 50% oder mengetweege 67%, peu importe! , „…also taxéiere mer d'Autoen."

Wann een dat elo géif viruféieren als Boutade, géif ee soen: „Ma déi aner Prozenter, da kommt, mir taxéieren dat och!" Mir maachen elo eng TVA-Erhéijung, Här Finanzminister, op de Leederen, déi am Haushalt benotzt ginn. Mir maachen eng TVA-Erhéijung op de Kichemesseren. Mir maachen eng Erhéijung vum Enregistrement op d'Kelleren, well d'Kellere ginn iwwerschwemmt.

Deen drëtten Haaptgrond, firwat datt ee muss géint deen Text hei stëmmen, dat ass, well Rettungsdéngschter nun emol eng Käraufgab vum Stat sinn. De Stat moosst sech jo un, an all Beräicher vum mënschleche Liewen anzegräifen. Mä wann et awer ee Beräich gëtt, firwat datt mer de Stat brauchen a firwat datt mer en hunn, dann ass et fir d'Gesondheet an d'Sécherheet vun de Leit!

A grad déi Käraufgab huet aus dem Statsbudget finanzéiert ze ginn, an net duerch iergendwellech Abgaben oder Steieren. Aus deem Grond si mer och géint all Taxen, wat vu Verschiddene suggeréiert ginn ass: datt déi Interventiounen an Zukunft da solle payant gemaach ginn, datt ee soll bezuelen, wann d'Pompjeeën agräifen, sief et, fir Beien aus dem Kamäin ze huelen, oder wéint iwwerschwemmte Kelleren. Neen, dat sinn d'Käraufgabe vum Stat, an déi sinn aus sengem Budget ze bezuelen.

Mir schwätzen hei vu 5,6 Milliounen Euro. De Statsbudget ass 14.000 Milliounen d'Joer. Mir schwätzen also vun 0,04% vum Statsbudget.

Wann ee géif datselwecht op aner Beräicher uwenden, Pollueur-payeur: Mir maachen eng Vëlospist ënnert dem Pont Adolphe, ënnert der Neier Bréck, fir datt d'Foussgänger uewen net belästegt ginn. Déi ass 4 Meter breet an 150 Meter laang. Déi kascht 6,5 Milliounen. Mir setzen déi erof, fir datt d'Foussgänger net belästegt sinn, also de Pollueur-payeur ass an dësem Fall de Foussgänger. Wa mer dat also iwwer eng Spezialsteier finanzéieren, da finanzéiere mer dat iwwer eng TVA-Hausse op dem Schongverkaf. Esou farfelu ass deen heite Projet de loi, dee proposéiert gëtt!

(Interruption)

Dëse Projet ass alt nees eng Kéier, wat de Konsumenteschutz seet: De Bierger muss blechen. An all déi Erklärungen, déi mer hei kréien, do muss ech een zitéieren - ech hoffen, datt e mer elo keng Rechnung schéckt wéinst dem Droit d'auteur -, de Confrère Gaston Vogel: «Si le ridicule tuait, vous seriez mort.»

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Eise leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Baum *(déi Lénk).-* Här President, dat Gesetz, wat mer hei diskutéieren, huet jo eigentlech zwou Dimensiounen. Déi eng Dimensioun ass déi, datt et sech areit an d'Diskussioun ronderëm d'Reform vum Rettungswiesen, wou, mengen ech, d'Stoussrichtung zumindest vu ganz ville Leit gedroe gëtt, näämlech eng Professionaliséierung vun de Rettungsdéngschter an eng méi effikass Aarbecht vun de Rettungsdéngschter. Dat ass déi eng Dimensioun.

An déi zweet, aner Dimensioun ass awer eng fiskalpolitesch. Dat heescht, dat hei ass een Element vun der Verännerung vun der Steierlandschaft zu Lëtzebuerg. Mir mengen och, datt d'Rettungsdéngschter e Service public sinn, an dofir, et ass virdrun och scho gesot ginn, solle se och ganz aus dem Statsbudget bezuelt ginn. Och doweinst, well de Statsbudget en ëmverdeelende Charakter huet, well e sech och zesummesetzt aus Benefisser vu Betriber, aus progressive Steieren. Mir mengen, datt dat ganz wichteg ass, datt d'Rettungsdéngschter esou solle finanzéiert ginn.

Dat, wat mer hei virleien hunn, ass eng indirekt Steier. Et ass eng Steier finalement um Ëmsaz vun Assurancen op Autoen. Et huet net direkt Répercussiounen, indirekt Steieren op den Endkonsument, op den Assuré, mä et leeft awer finalement dorop eraus, och wa vläicht net déi 3% integral op den Assuré ofgewälzt ginn, sou awer ëmmerhin en Deel dovunner.

A wann den Här Haagen virdru gesot huet, datt een net frou wier, wann déi dann elo géifen ofgewälzt ginn, da misst ee soen: Mä dann ass vläicht dat Instrument, wat ee gewielt huet, vun der indirekter Steier dat falscht Instrument.

M. Claude Haagen *(LSAP).-* Dat ass am Index och dran!

M. Marc Baum *(déi Lénk).-* Déi…

Ech weess awer elo wierklech net, wat dat mam Index ze dinn huet.

(Interruption et brouhaha)

Här President, dat do fänkt awer un, eng aner Dimensioun ze kréien, mä et ass egal, ech sinn nach net fäerdeg.

(Interruptions)

Déi ganz Geschicht, den Här Kox...

(Interruption)

Den Här Kox huet insistéiert dorobber,...

Une voix.- Dir wësst et och.

M. Marc Baum *(déi Lénk).-* ...datt déi indirekt Steier och en Element vun, ech nennen et emol „Utilisateur-payeur" huet. „Pollueur-payeur" ass grad am Beräich vum Rettungswiesen, also wann et drëm geet, datt Leit op essenziell Hëllef ugewise sinn, do vun „Pollueur" ze schwätzen, ass, mengen ech, wierklech ganz geféierlech.

Utilisateur-payeur, och dee Gedanken ass am Kontext, wann een et zesummesetzt mat dem Service public, net dee richtege Wee, menge mer. Mir mengen och, datt deen Utilisateur-payeur-Prinzip am Service, am Beräich vun de Rettungsdéngschter guer net seriö kann applizéiert ginn, well doran enorm Kontradiktioune leien.

Et géif eng aner Méiglechkeet ginn, wann ee scho wéilt Steieren aféieren, well dat hei ass jo d'Aféierung vun enger Spezialsteier…

(Problème de sonorisation)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Ech hunn lech d'Wuert net geholl.

M. Marc Baum *(déi Lénk).-* Ah, Här President, ech...

(Brouhaha)

A puncto direkt Steiere muss ee jo soen: Assurancë bezuele jo och direkt Steieren, näämlech d'Kierperschaftssteier, déi gëtt vun den Assurancë bezuelt. Déi huet d'Regierung awer wëlles erofzesetzen, successiv vun 21% op 19%, duerno op 18%.

Dat ass dach e Widdersproch! An déi direkt Steier hätt zumindest de Virdeel, datt se op Benefisser erhuewe gëtt an dem Statsbudget géif zoukommen.

Duerfir, wann et der Regierung hir Meenung ass oder de Wëlle gëtt, fir d'Rettungsdéngschter mat méi grousse finanzielle Moyenen auszestatten, dann hu mir einfach den Tuyau: Här Gramegna, setzt den Taux vun dem IRC net erof, da behaalt Der méi Suen an da kënnt Der och d'Rettungsdéngschter mat deene Suen ausstatten, déi d'Rettungsdéngschter brauchen, fir effikass ze fonctionnéieren!

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Domat si mer um Ofschloss vun eisen Diskussiounen ukomm, an d'Wuert huet elo d'Regierung, den Här Finanzminister. Duerno och den Här Innenminister?

(Négation)

Okay. Den Här Finanzminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, léiwe Regierungskolleeg Dan Kersch, fir d'Éischt e grousse Merci un d'Joëlle Elvinger fir säi gudde mëndlechen a schréftleche Bericht, deen och den Historique gemaach huet vun der Feierschutzsteier, wou ee gesäit, dass ee jo do u sech och e Präzedenzfall huet, wat de Räsonnement ubelaangt.

Den Objet vun dësem Gesetz ass, 3% Steier op d'Haftflicht ze setzen, an déi Steier muss vun den Assurancëgesellschafte bezuelt ginn. Ech wäert natierlech op dee Punkt nach zréckkommen. Dës Steier gëtt da vum 1. Oktober 2016 un erageholl. Dëst Joer, iwwer e spezielle Wee, geet dat an d'Administration de l'Enregistrement, a vum nächste Joer u ginn déi Recettë pour ordre affektéiert. Mir hunn där Recettes pour ordre am Statsbudget ganz vill, an dat ass och iwwert de Gesetzesprojet, dee mer adoptéiert hunn iwwert de Pluriannuel, esou festgehale ginn.

D'Inspiratioun vun dëser Steier läit bei der Feierschutzsteier, déi 1939 geschafe ginn ass an déi an den 80er Jore jo nei gemaach ginn ass, a bei där Geleeënheet ass jo déi Kontributioun, déi do gemaach gëtt, vu 4% op 6% eropgaangen, well eben d'Besoinen do waren, fir déi Steier eropzesetzen, fir d'Käschten ze decken. Dofir brauch een, mengen ech, par analogie sech net ze wonneren, dass, wann d'Autosaccidenter oder d'Interventiounen an d'Luucht ginn, dass een dann och muss esou eng speziell Steier virgesinn.

Wann een elo kuckt, wéi d'Interventiounen evoluéiert hu fir d'Bränn, da sinn déi an de leschten 20 Joer 70% an d'Luucht gaangen, wärend d'Autosaccidenter 250% an d'Luucht gaange sinn.

Mir haten hei a mir hunn hei zu Lëtzebuerg am Domän vun de Rettungsdéngschter e ganz grousse Besoin, e ganz groussen Nohuelbedarf. Mir hunn do ganz vill tabléiert op d'Volontariat an op d'Bénévollen. An ech wëll deenen hei ausdrécklech Merci soe fir alles dat, wat déi gemaach hunn an der Vergaangenheet an och an der Zukunft nach wäerte maachen. Mä et war indispensable, dat ze professionaliséieren.

An en fait kéint ee sech wonneren, dass mir, e Land wéi Lëtzebuerg, wat esou en héije Liewensstandard huet, elo eréischt higinn an dee ganz wichtegen Investissement maachen, fir e moderne Rettungsdéngscht an dësem Land endlech ze schafen, dee sech net nëmme méi op d'Volontariat baséiert, mä awer och op Professioneller, sou wéi dat an deene meeschte Länner ronderëm eis gemaach gëtt.

A wa mir méi e moderne Rettungsdéngscht muer hunn, dann ass dat besser fir den Autofuerer, fir den Utilisateur op där enger Säit, mä et ass gutt fir d'Kollektivitéit en général an et ass haaptsächlech gutt fir d'Assurancëgesellschafte selwer. Well doduerch, dass d'Rettungsdéngschter méi séier op der Plaz sinn, reduzéiere mir d'Dommages corporels an awer och de Schued um Material. Dat hu mer hei net mat agerechent, mä dat wäert e positiven Effet hunn op d'Käschten, déi d'Assurancë wäerten hunn.

Ech wëll och ënnersträichen, dass mer an deem anere Gesetzesprojet 6861 Zousazpensioune virgesinn, déi jo och erëm eng Kéier op kommerzieller Basis vun den Assurancë wäerte geliwwert ginn. An dat wäert och nei Rentréeë fir d'Assurancë mat sech bréngen.

Ech mengen och net, dass et den Assurancë relativ schlecht geet. Ech suivéieren dee Secteur als Finanzminister natierlech ganz no.

(Interruption par M. Michel Wolter)

Jo. An ech kann lech berichten, dass déi zwee lescht Joren am Assurancëberäich e Rekordprofittjoer waren, souwuel 2014 an 2015 och. An dat ass och wouer fir d'Fongen, wéi den Här Wolter richteg ënnersträicht.

(Interruption par M. Michel Wolter)

Also duerch dëst Gesetz maache mer eng extra Steier, wéi gesot, mä déi bréngt mat sech, dass mer eng Fusioun vum Corps grand-ducal d'incendie et de secours an de Services de secours maachen, also eng Fusioun zwëschen deenen zwee Servicer, wat ganz vill Synergië mat sech bréngt, wat ganz vill Ekonomië mat sech bréngt a wat och d'Qualitéit vum Service, dee mer wäerte kënne leeschten, an d'Luucht schrauft. Dat ass u sech eng Strukturreform.

Wat ass de Käschtepunkt vun dëser Mesure? Ech considéréieren dës Mesure als eng Investitioun vum Stat, eng wichteg, déi sech an de generelle Plang vun eisen Investitiounen areit. Si ass ugesat bei 60 Milliounen, déi se wäert am Ufank kaschten, a wäert an Zukunft och nach liicht méi kaschten. An dës 3% stelle 5,6 Milliounen duer. Wéi richteg ënnerstrach ginn ass vum Här Kox a vum Här Haagen, ass dat jo nëmmen e ganz klengen Deel vun deem Käschtepunkt, manner wéi 10%! A wann den totale Coût nach méi héich gëtt, dann ass dee Bäitrag nach vill méi kleng.

An ech mengen, dass een dës Démarche vun der Regierung nëmmen da verstoe kann, wann een natierlech de Principe vum Utilisateur-payeur an de Vierdergrond stellt. An ech mengen, den Här Kox huet dat extrem gutt hei illustréiert. An ech mengen, dass d'Automobilisten och herno dankbar sinn, wann d'Rettungsdéngschter méi rapid a méi professionell sinn.

Ech géif gären zum Ofschloss soen, dass et eis hei drëms geet, dass eist Land méi modern a méi effikass opgestallt ass. An an deem Sënn freeën ech mech, dass mer esou eng Reform haut konnten hei maachen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruption par M. Michel Wolter)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Sou, ech mengen, mir si prett fir ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6862 et dispense du second vote constitutionnel

Ech géif dann d'Ofstëmmung lancéieren. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet de loi 6862 ass mat 32 Jo-Stëmme bei 28 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Roberto Traversini) et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Kann ech dovun ausgoen, dass mer d'Dispens kréien?

(Assentiment)

Merci.

Da si mer um Enn vun eisen Aarbechte fir dës Woch ukomm. Rendez-vous den nächsten Dënschdeg fir déi lescht Sëtzungswoch. Merci.

D'Sëtzung ass elo eriwwer.

(Fin de la séance publique à 17.00 heures)

SÉANCE 44

MARDI, 12 JUILLET 2016

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Communications
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

3. Ordre du jour
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

4. Résolution relative à la proposition de règlement du Parlement européen et du Conseil relatif aux services de livraison transfrontière de colis (COM (2016) 285)
- Art. 168 du Règlement de la Chambre
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*
- *Vote sur la résolution (adoptée)*

5. 6829 - Projet de loi portant approbation du Traité entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Belgique concernant la coopération en matière de défense et de sécurité, fait à Bruxelles, le 5 février 2015
- *Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: Mme Claudia Dall'Agnol*
- *Discussion générale: M. Jean-Marie Halsdorf, M. Gusty Graas, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. Marc Baum*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, Ministre de la Défense*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

6. 6949 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Royaume de Belgique, le Royaume des Pays-Bas et le Grand-Duché de Luxembourg concernant l'intégration de la sécurité aérienne en vue de répondre aux menaces posées par des aéronefs non militaires (Renegade), signé à La Haye le 4 mars 2015
- *Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marc Angel*
- *Discussion générale: M. Jean-Marie Halsdorf, M. Gusty Graas, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. Marc Baum*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, Ministre de la Défense*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

7. 6986 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle
- *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: M. Claude Lamberty*
- *Discussion générale: Mme Martine Hansen (intervention de M. Alex Bodry), M. Claude Haagen, M. Gérard Anzia, M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Alex Bodry), M. David Wagner (interventions de M. Claude Adam et Mme Josée Lorsché)*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (intervention de Mme Martine Hansen)*
- *Mme Martine Hansen (parole après ministre), M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

8. 6957 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement postprimaire,

2. de la loi modifiée du 1er décembre 1992 portant 1. création d'un établissement public pour le développement de la formation professionnelle continue et 2. fixation des cadres du personnel des Centres de formation professionnelle continue,

3. de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique,

4. de la loi modifiée du 12 mai 2009 portant création d'une École de la 2e Chance,

5. de la loi modifiée du 22 mai 2009 portant création a) d'un Institut national des langues; b) de la fonction de professeur de langue luxembourgeoise,

6. de la loi modifiée du 27 mai 2010 portant

1. modification de la loi du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique;

2. modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État;

3. modification de la loi du 9 juillet 2007 portant 1. création d'un lycée à Luxembourg-Dommeldange; 2. modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État;

4. abrogation de la loi du 10 août 1991 portant

1) création de la fonction d'instituteur d'économie familiale;

2) modification de la loi modifiée du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire;

3) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État;

4) modification de la loi du 6 septembre 1983 portant a) réforme de la formation des instituteurs; b) création d'un Institut supérieur d'études et de recherches pédagogiques; c) modification de l'organisation de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire
- *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: M. Gilles Baum*
- *Discussion générale: Mme Martine Hansen, Mme Tess Burton, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; M. Claude Meisch, Ministre.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Ech maachen heimat d'Sëtzung op a froen direkt d'Regierung, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

M. Etienne Schneider, *Ministre de la Défense*.- Neen, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Dat schéngt manifestement net de Fall ze sinn.

2. Communications

Da géif ech der Chamber just matdeelen, dass d'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten um Büro deponéiert ass. D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sëtzung an der Administratioun deponéiert goufen, ass un d'Fraktiounen an un d'Sensibilitéite verdeelt ginn. An d'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sëtzung deponéiert goufen, ass ebenfalls un d'Fraktiounen an un d'Sensibilitéite verdeelt ginn.

Communications du Président - séance publique du 12 juillet 2016

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi, le projet de règlement grand-ducal et la proposition de loi suivants ont été déposés à l'administration parlementaire:

7009 *- Projet de loi portant modification de l'article 42 de la loi du 4 juillet 2008 sur la jeunesse*

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 05.07.2016

7010 *- Projet de loi portant 1. introduction du cours commun «vie et société» dans l'enseignement fondamental; 2. modification de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental et de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental*

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 05.07.2016

7011 *- Projet de loi modifiant la loi du 13 juin 2013 portant création d'un lycée à Clervaux*

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 05.07.2016

7012 *- Projet de règlement grand-ducal relatif à la participation du Luxembourg à la mission civile de l'Union européenne de renforcement des forces de sécurité intérieures en Ukraine*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 07.07.2016

7013 *- Proposition de loi sur les sportifs d'élite de niveau mondial et modifiant la loi du 3 août 2005 concernant le sport*